LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4091 vum 13. Mee 2026 vun den honorabelen Deputéierte Madamm Corinne Cahen a Madamm Carole Hartmann.**

*- Bei wat fir enge Medikamenter koum et an de leschte 5 Joer zu deene meeschten Enkpäss?*

Déi disponibel konsolidéiert Donnéeën iwwert Medikamentepenurien weisen, datt d'Meldunge virun allem grouss therapeutesch Klassen betraff hunn.

D'Analyse vun den enregistréierte Meldunge weist besonnesch op e méi héijen Undeel vu Meldungen hin betreffend (no Wichtegkeet geuerdent):

- Medikamenter fir den Nervensystem;
- kardiovaskulär Medikamenter;
- Medikamenter fir den uro-genitalen System a sexuell Hormonen;
- antineoplastesch an immunmodulatoresch Medikamenter;
- Antiinfektiv a fir systemesche Gebrauch.

Dës Donnéeë mussen awer mat Virsiicht interpretéiert ginn. D'Meldunge vu Penurien kënnen nämlech ganz ënnerschiddlech Situatiounen ofdecken, jee no Medikament, souwuel wat d'Dauer ugeet wéi och den Impakt op d'Patienten oder d'Disponibilitéit vun therapeuteschen Alternativen.

*- Mat wéi enge Länner huet Lëtzebuerg Ofkommesse fir den Import vu Medikamenter?*

Lëtzebuerg huet bis elo keng spezifesch bilateral Accorde mat eenzele Länner am Beräich vum Import vu Medikamenter am Kontext vu Penurien ofgeschloss. D'Gestioun vu Versuergungsenkpäss gëtt vun enger nationaler Cellule iwwerwaacht, déi sech mam Monitoring vu Medikamentepenurien beschäftegt a enk mat den nationale concernéierten Acteure souwéi mat de pharmazeutesche Firmen op europäeschem an, wann néideg, internationalem Niveau zesummeschafft.

Am Kader vu Problemer, déi iwwer den nationalen Niveau erausginn, bedeelegt sech Lëtzebuerg un den europäesche Koordinatiounsmechanismen, déi vun der Europäescher Medikamentenagence (EMA) opgestallt goufen. An am Fall vun enger grousser kritescher Penurie op europäeschem Niveau ka Lëtzebuerg och op d'Solidaritéits- a Koordinatiounsmechanismen zeréckgräifen.

*- Gedenkt d'Madamm Minister fir nach weider Ofkommessen ofzeschléisse fir d'Medikamenteversuergung weiderhin ze garantéieren?*

Aktuell ass net virgesinn, spezifesch bilateral Accorde mat eenzele Länner am Beräich vun der Medikamenteversuergung ofzeschléissen.

Lëtzebuerg setzt éischter op eng koordinéiert Approche op europäeschem Niveau, déi op de Kooperatiouns- a Solidaritéitsmechanismen tëscht de Memberstaaten, der Europäescher Medikamentenagence an den Acteure vum pharmazeutesche Secteur baséiert.

An dësem Kontext sollen déi aktuell Aarbechten op europäeschem Niveau am Kader vum « Critical Medicines Act » dozou bäidroen, d'Resilienz vun de Versuergungsketten ze stäerken an déi europäesch Mechanisme fir d'Preventioun an d'Gestioun vu kritesche Medikamentepenurien weider ze verbesseren.

De Projet gesäit notamment eng verstäerkt Zesummenaarbecht tëscht de Memberstaaten, méi Flexibilitéit bei den Approvisionnements- a gemeinsame Marchésmechanismen, souwéi eng besser Ofsécherung vun der Produktioun an der Disponibilitéit vu bestëmmte kritesche Medikamenter bannent der Europäescher Unioun vir.

Déi europäesch Verhandlungen iwwert dësen Text lafen aktuell nach, an en Ofschloss gëtt am Laf vum Joer 2026 erwaart.

*- Kéint d'Madamm Minister matdeele wou d'Aarbechten un der nationaler Dateplattform iwwert d'Disponibilitéite vun de Medikamenter dru sinn?*

D'Aarbechte fir d'Aféierung vun enger nationaler Dateplattform iwwer d'Disponibilitéit vu Medikamenter gi weidergefouert. An dësem Kader huet eng Aarbechtsgrupp mat de verschiddene concernéierte Parteien e Cahier des charges ausgeschafft, deen déi funktionell an technesch Besoine vum Projet definéiert. Ausserdeem goufen e puer Informatikfirmen consultéiert, déi interessant Propositioune fir d'Entwécklung vun dëser Plattform agereecht hunn.

*- Kann ee vun der CNS rembourséiert gi wann een e Medikament an d'Groussregioun kafe geet dat deen Ament zu Lëtzebuerg net disponibel ass?*
*- Falls dat net de Fall ass gedenkt d'Madamm Minister fir dëst z'erméiglechen?"*

Wann ee Medikament aus der Positiv-Lëscht (Lëscht vun de rembourséierte Medikamenter fir den ambulante Milieu – also ausserhalb vum Spidol) net disponibel ass, an dëst Medikament aus dem Ausland muss bezu ginn, kann dëst entweder vun enger Apdikt zu Lëtzebuerg am Ausland bestallt ginn, oder de Patient kann sech d'Medikament am Ausland kafen.

Leeft déi ganz Prozedur iwwert eng Apdikt zu Lëtzebuerg, an all néideg Konditioune sinn erfëllt, da kann direkt de System vum Tiers payant gräifen: D'Apdikt rechent den Deel vum gesetzleche Remboursements-Taux (100%, 80% oder 40%) direkt mat der CNS of, an den Assuré muss op der Plaz just nach säin eegenen Deel bezuelen.

Am Fall wou den Assuré d'Medikament am Ausland keeft, muss hien d'Käschte virstrecken well de System vum Tiers payant net am Ausland kann ugewant ginn. Duerno kann den Assuré eng Demande fir de Remboursement bei senger zoustänneger Krankekeess (CNS, CMFEP, CMFEC, EMCFL) ufroen, dëst op Basis vun der Ordonnance médicale an der acquittéierter Rechnung.

Ze beuechten ass datt d'Prise en charge zu de lëtzebuergesche Konditiounen stattfënnt. D'Medikament muss deemno zu Lëtzebuerg zougelooss sinn (Autorisation de mise sur le marché), an eben an der Positiv-Lëscht virgesi sinn. Wann d'Statute vun der CNS en Accord au préalable virgesinn, muss dës Konditioun och erfëllt sinn. Sollt d'Medikament am Ausland méi deier sinn, oder di virgeschriwwe Quantitéite vu Këschten net agehale gi sinn, gëtt de Remboursement op de lëtzebuergeschen Tarif respektiv d'Quantitéit, plafonéiert.

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez